



Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7434 vum 3. Januar 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Spautz.

Schléisst sech Lëtzebuerg der Fuerderung vun den aneren EU-Länner un, fir d'Verträg, déi d'EU Kommissioun mat de Pharmakonzener ofgeschloss huet, nach eng Kéier nozeverhandelen?

Wa jo, wat fir eng Léisung envisagéiert d'Regierung?

Mat Pfizer-BioNTech sinn aktuell Renégociatiounen vun den bestehenden Kontrakter zwëschen der EU-Kommissioun an dem Pharmakonzern am gaangen. Ziel vun dësen Négociatiounen ass et déi geplangten Liwwerungen fir 2023 zum Deel op 2024 an 2025 ze verdeelen.

Fir Moderna sinn déi lëscht Liwwerungen fir Februar 2023 virgesinn. Duerno ass den Kontrakt oofgeschloss an et sinn aktuell och keng Noverhandlungen geplangt.

Fir Novavax sinn déi lëscht Liwwerungen fir den 2. Quartal vun 2023 virgesinn an et sinn aktuell och keng Noverhandlungen hei geplangt.

D'Kontrakter mat AstraZeneca, Johnson & Johnson an Valvena sinn clôturéiert an et sinn keng weider Liwwerungen méi virgesinn.

Wéi vill Dose solle laut den aktuelle Verträg nach op Lëtzebuerg geliwwert ginn a wéi vill wäerten dës zousätzlech Dose kaschten?

- Vun Pfizer- BioNTech wäerten viraussichtlech 633.621 Dosen opgespléckt op d'Joeren 2023 an 2024 geliwwert ginn. Déi ganz Liwwerung wäert nach ronn 12.355.609,50 € kaschten.
- Moderna wäert viraussichtlech nach 81.000 Dosen liwweren déi schonn bezuelt sinn.
- Novavax wäert viraussichtlech nach 34 000 Dosen noliwweren. déi ganz Liwwerung wäert nach ronn 680.000 \$ kaschten.

Wéi vill Geld huet d'Regierung bis elo insgesamt an d'Beschaffung vu CoronaVaccinen investéiert?

D'Käschten fir den Akaf vun den Covid-Impfstoffer belafen sech aktuell op **51 193 848.54 €**.

Wéi vill Dosen, déi hei am Land net gebraucht goufen, konnten un aner Länner ausgeliewert ginn?

Fir 2021 an 2022 sinn am ganzen 623.450 Impfdosen, déi hei net gebraucht ginn sinn, un aner Länner gespent ginn.

Enn 2022 sinn ënner anerem Diskussiounen mam Bangladesch gefouert ginn en Vue vun enger Donatioun vun Dosen. Den Bangladesch huet seng Demande fir Impfdosen an Zweschenzäit awer nees zeréckgezunn.

Eng Donatioun vun 103.680 Pfizer-BioNTech Impfdosen ass iwwerdeems via den COVAX Mechanismus fir Brasilien fir Februar 2023 geplangt.



Wéi vill Dosen hunn bis elo missen zerstéiert ginn, well de Verfallsdatum iwwerschritt war?

Säit dem Ufank vun der Impfkampagne sinn am ganzen 155.660 Impfdosen zerstéiert ginn fir déi den Verfallsdatum iwwerschritt war.

129.600 Impfdosen vun AstraZeneca, déi iwwerdeems nie op Lëtzebuerg geliwwert gi sinn, goufen direkt beim Fournisseur zerstéiert.

Lëtzebuerg, den 27. Januar 2023

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert